Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

CHAMBRE DES DEPUTES
Entrée le :
04 OCT. 2019
1287

Lëtzebuerg, den 3. Oktober 2019

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Gesondheetsminister an un den Här Minister fir sozial Sécherheet weider ze leeden.

Mengen Informatiounen no, gi Patienten déi bei de Kontrolldokter vun der Caisse Nationale de Santé (CNS) geruff ginn, net systematesch bei dee Spezialist gescheckt deen hirer Pathologie entsprécht. Esou kann et z.B. virkommen datt e Patient deen en urologeschen Agrëff hat, vun engem Neurolog kontrolléiert gëtt.

Des weidere soll et virkomm sinn, datt Patienten déi, mam Accord prealabele vun der CNS am Ausland behandelt ginn, mussen zréck op Lëtzebuerg bei de Kontrolldokter kommen.

Op Grond vun dësen Informatioune wollt ech folgend Froen un d'Regierung stellen:

- Kann d'Regierung déi uewen opgezielten Informatioune bestätegen?
- Wa jo, deelt d'Regierung d'Meenung datt et ubruecht wier, datt d'Patiente vu Spezialisten aus de jeeweilege Fachgebidder kontrolléiert ginn?
- Ass d'Regierung der Meenung datt et ubruecht ass, datt Patienten déi am Ausland behandelt ginn, mat Accord prealabele vun der CNS, mussen op Lëtzebuerg bei de Kontrolldokter bestallt ginn?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Jean-Marie Halsdorf
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité sociale

Dossier suivi par : Nathalie Weber
Tél. (+352) 247-86352

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
17 OCT. 2019

Le Ministre de la Sécurité sociale
à
Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

Luxembourg, le 16 octobre 2019

**Référence :** 82ex821c4

**Objet :** Question parlementaire n° 1287 du 3 octobre 2019 de Monsieur le Député Jean-Marie Halsdorf – Contrôle de la Caisse nationale de santé

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire n° 1287 du 3 octobre 2019 de Monsieur le Député Jean-Marie Halsdorf concernant « *Contrôle de la Caisse nationale de santé* ».

Je vous saurais gré de bien vouloir la transmettre à la Chambre des Députés.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Romain SCHNEIDER
Ministre de la Sécurité sociale

**Annexe(s) :** Réponse à la question parlementaire n°1287

26, rue Ste Zithe
L-2763 Luxembourg
Tél. (+352) 247-76320
Fax (+352) 247-86328
mss@mss.etat.lu
www.mss.public.lu
www.gouvernement.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité sociale

Dossier suivi par : Nathalie Weber
Tél. (+352) 247-86352

**Référence :** 82ex8249b

**Objet :** **Äntwert vum Minister fir sozial Sécherheet op d'parlementaresch Fro n° 1287 vum 3. Oktober 2019 vum Här Deputéierte Jean-Marie Halsdorf – Kontroll vun der Gesondheetskeess**

Fir d'éischt ass festzestellen, dass net d'Gesondheetskeess déi versécheert Persounen déi sech am Krankeschäi befanne bei de Medezinesche Kontrolldéngscht vun der sozialer Sécherheet (hei CMSS) rifft, mee dass dës Persounen automatesch an der 5. Woch vun hirem Krankeschäin abestallt ginn.

Och wann de CMSS mëttlerweil eng ganz Rei medezinesch Spezialitéiten opweise kann (dëst sinn zur Zéit: médecine générale, médecine interne, cardiologie, néphrologie, neurologie, médecine de réhabilitation, médecine du travail, chirurgie générale, chirurgie traumatologique, chirurgie vasculaire, chirurgie orthopédique, urologie, anesthésie et réanimation), esou wäert et net méiglech sinn, dass all d'Spezialitéiten an d'Subspezialitéiten am CMSS present kënne sinn. Bekannte Grënn heifir sinn op der enger Séit de Mangel am Dokteschberuff an op der anerer Séit déi net attraktiv Verdéngschtméiglechkeete beim Staat fir spezialiséiert Beruffer.

Onofhängeg dovunner, dass och ee Kontrolldokter vun enger anerer Spezialitéit duerchaus d'Berechtegung vun engem Krankeschäi korrekt beuerteele kann, ass et och oft esou, dass de Krankeschäin, deen am Ufank vun engem Spezialist ausgestallt ginn ass, duerno vun engem Generalist deen oft mee nach laang net ëmmer den Hausdokter ass, weidergefouert gëtt. Dozou kennt, dass och déi medezinesch Expertisen déi vun de Geriichter ordonnéiert ginn ebenfalls oft net vun engem Medeziner vun der selwechter Fachdisziplin gemaach gi wei deen, deen de Krankeschäin ausgestallt huet.

Wann d'Fro vum honorabelen Deputéierten, déi d'Auslandsiwerweisungen ugeet déi d'Kontroll vum Krankeschäi vun de Persoune betrëfft, déi mat enger Autorisatioun vun der Krankeversécherung am Ausland behandelt ginn, esou hänkt et dovunner of, bei wéi vill Krankeschäin-Deeg dës Persounen sech befannen. Et ass d'Ausnahm, dass eng Persoun déi mat engem éischte Krankeschäin an d'Ausland geet wärend hirem Auslandsopenthalt an de CMSS geruff gëtt. Ausname kënnen hei d'psychosomatesch Kuren si wann dës Kuren iwwer Méint ginn.

26, rue Ste Zithe
L-2763 Luxembourg
Tél. (+352) 247-76320
Fax (+352) 247-86328
mss@mss.etat.lu
www.mss.public.lu
www.gouvernement.lu